Sensibilité politique
Boîte postale 83
L-7201 Bereldange

Fernand ETGEN
President vun der Deputéiertechamber
19, um Krautmaart
L-1728 Lëtzebuerg

Lëtzebuerg, den 10/07/2019

Här President,

Sou wéi den Artikel 84 vun eisem Chambersreglement et virgesäit, bieden ech lech, dës dringend parlamentaresch Fro un d'Ministere fir Landwirtschaft & Emwelt, Klima a nohalteg Entwécklung weiderzeleeden.

Déi europäesch Fauna huet an de leschte Jore fir e puer positiv Iwwerraschunge gesuergt. Wéi verschidde Medie beriichten, goufen an den Ardennen, net wäit vu Lëtzebuerg, Wëllef gesinn an am Pfälzerwald an Däitschland sinn am Kader vun engem Förderprogramm vun der Europäescher Unioun och Luchsen ausgewëldert ginn. Dës Wëlldéiere goufen duerch de Mënsch bal vollkommen ausgerott. Ee Retour vu wëller Fauna wär fir déi lëtzebuergesch Biodiversitéit an d'natierlecht Gläichgewiicht vun der Natur sécherlech ee grousse Gewënn.

An deem Zesummenhang wéilt ech de Ministeren dës Froe stellen:

- Ass et am Interessi vun der Regierung, dass sech Déieren wéi de Luchs oder de Wollef erëm an der Lëtzebuerger Natur usidelen? Falls jo, wéi eng Mesurë wäert d'Regierung ënnerhuelen, fir dass dës Déieren sech kennen op eisem Territoire usidelen? Existéiert dofir schonn ee konkreten Aktiounsplang?

- Am Kader vun der Bekämpfung vun der Schwéngspescht hat den Här Landwirtschaftsminister den Asaz vu Falen an der Zone blanche autoriséiert.
  - Wéi sinn dës Falen fir Wëllschwäin konzipéiert?
  - Ween ass responsabel fir de Placement vun dëse Falen?
  - Wéi oft ginn dës Falen pro Dag kontrolléiert a vu wiem?
  - Kéinten dës Falen och Déieren erwëschen, déi net geziilt verfollegt ginn, zum Beispill Réi?
  - Wéi kann d'Regierung garantéieren, dass nëmme Wëllschwäin an dës Falen geroden? Kann een zum Beispill ausschléissen, dass Hausdéieren an dës Fale geroden?

Mat déiwem Respekt,

GOERGEN Marc
Député